

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, den 9. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister, den Här Minister fir bannenzech Sécherheet an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Brochstéckhaft informéiert d'Press iwwer déi virulent Forme vu Jugendkriminalitéit, déi ëmmer méi e brisanten Thema hei am Land ginn. D'Regierung deet sech awer weider schwéier, dem Land ze erklären, wat genee lass ass. A Bezuch op den Artikel „Zwei mutmassliche Anführer von ‚Dix-sept‘ in Haft“, deen den 9. August am Wort war, war, stelle sech z.B. dës Froen:

1. Wat ass mat deenen dräi Täter geschitt, déi am Kader vun de Gang-Aktivitéiten an der Stad zwar festgeholl awer net inhaftéiert gi sinn? Sinn dës nees op fräiem Fouss? Ënnerleie si enger Form vu Kontroll a wat erwaart si an Zukunft?
2. Gëtt et e politeschen Hannergrond bei deene Jugend-Gangen („anti-Sistema“ hat d'Press schonn als ee vun hire Nimm genannt)?
3. Ass et ze vertrieeden, datt Jugendlecher ënner 16 Joer, déi un esou Verbriechechen deelhuefen, net oder kaum bestrooft ginn? Wéi eng Strofen a wéi engem Alter wäeren hei sënnvoll?
4. Wat genee weess d'Police iwwer d'Organisatioun an d'Stärkt vun dëse Gruppen? Wéi vill Gruppe si bekannt, wéi vill Jugendlecher sinn an deenen eenzele lokale Banden? Wat ass hire sozialen Hannergrond, hiren Alter, d'Opdeelung no Geschlecht, geographescher Originn an no Nationalitéit?
5. Wéi kann d'Schoul d'Schüler virun esou Gruppe schützen? Wien iwwerhëlt d'Verantwortung, wa Memberen vun esou Banden als Strof d'Schoul musse wiesselen a wann den Terror an der neier Schoul da virugeet? Wéi wëll den Här Schoulminister an Zukunft garantéieren, datt esou jonk Krimineller net méi an e normale Schoulbetrib opgeholl ginn, wou si da kënnen aner Kanner a Jonker terroriséieren? Misst d'Schoulgesetz net an dem Sënn geännert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten